## E PROPPERT REVÉIER FIR EIST WËLD!

# Grouss Botzaktioun vun de Jeeër an a ronderëm d'Bëscher, Felder a Wisen

Et fënnt een ëmmer méi Dreck an der Natur deen d'Leit einfach esou entsuergen aplaz en doheem an d'Dréckskëscht ze geheien oder op de Sidec ze féieren.

D'FSHCL ass eng unerkannten Naturschutzorganisatioun a setzt sech fir d'Wuel vum Déier an der Natur an.

Dofir en Opruff un **all eis Memberen a nei Juegdpiechter** ab dem 1. Abrëll 2021:

Maacht mat bei eiser grousser Botzaktioun an dat an ärer Ëmgéigend, natierlech gemäss den aktuelle Covid-19 Reegelunge, versteet sech vum selwen.

Déi meescht maachen dat scho säit Joren, dat sollen d'Leit dobaussen och vill méi matkréien!!! ☺





Fotos: © Henri Krier

Dat ganzt funktionéiert folgendermoossen:

1. Zäitraum tëschent dem 1. Abrëll bis den 1. Mee 2021
2. Schéckt eis 2 bis 3 Foto'en era mat Iech an äre Leit beim Asammele vum Dréck an ärem Revéier. (am Beschten och mat enger Foto vum gesammelte Knascht!) Mir wieren och frou wa mir ären Accord kéinte kréien, fir déi eng oder aner Foto och dierften an eiser nächster Zeitung FJaH 03-2021 ze publizéieren!
3. Mailt alles an de Büro zu Mäerzeg eran an zwar op den **info@fshcl.lu** , net vergiessen: Numm, Virnumm, Adress an Telefonsnummer uginn.



Ënnert all deenen déi sech un der Botz bedeelegt an eis hir Foto eragescheckt hunn, verlouse mir 3 flott Präisser.

1. Präis: grouss Corbeille mat ville gudde Lëtzebuerger Produkter
2. Präis: mëttelgrouss Corbeille …
3. Präis: kleng Corbeille …

Mir setzen en Artikel mat Fotoe vun de Gewënner an di nächst Zeitung vum Fëscher, Jeeër an Hondsfrënn.

Net vergiessen, et gëtt kee Verléierer, just Gewënner, virun allem seet d'Wëld an d'Natur eis alleguer MERCI!

D'FSHCL seet iech elo schonn's am Viraus e grousse Merci fir äert Engagement an d'Matmaachen.

Team Mäerzeg